**Evangelium vum Sonndeg no Epiphanie (Joer A)**

**Mt 3,13-17**

13 Wéi de Jesus aus Galiläa erof un de Jordan bei de Johannes komm ass, fir
sech vun him deefen ze loossen,

14 wollt de Johannes hien dovun ofhalen a sot zu him: "Ech hätt et néideg, fir
mech vun dir deefen ze loossen, an du kënns bei mech?"

15 De Jesus huet him geäntwert: "Looss gewäerden! Et ass nämlech un äis,
déi ganz Gerechtegkeet z'erfëllen." Dunn huet de Johannes de Jesus
gewäerde gelooss.

16 Soubal wéi de Jesus gedeeft war, ass hien aus dem Waasser eropkomm.
A kuck, den Himmel ass opgemaach ginn, an de Jesus huet dem Herrgott säi
Geescht gesinn op sech erofkomme wéi eng Dauf.

17 An eng Stëmm aus dem Himmel sot: "Dat hei ass mäi Jong, an ech hunn
hie gär; hie steet a menger Gonscht!"